

## Nee zum neien Nationalitéitegesetz



### D'Regierungspropose zum Nationalitéitegesetz ass Verrot um Lëtzebuerger Wieler!

Beim Referendum hunn sech 80% vun de Lëtzebuerger géint d'Ausländerwahlrecht ausgeschwat. Si hunn sech ausgeschwat fir eng kloer Verbindung zwëschent Wahlrecht-Nationalitéit-Sprooch.

Am Politmonitor (zum Zougang zur Lëtzebuerger Nationalitéit) vum 7. Juni waren:

- 66% GÉINT en Erofsetzen vun de gefroten Sproochenkompetenzen.
- 72% GÉINT een Ewechfalen vun de Sproochentester fir Leit déi 20 Joer hei wunnen.

D'Regierung mécht genau de Géigendeel. Elo wëll de Minister Braz d'Ausländerwahlrecht duerch d'Hannerdier aféieren an den Zougang zur Nationalitéit sou vereinfachen, dass jiddereen kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen, ouni Lëtzebuergesch ze kënnen!

- 1) Sproochenkenntnisser ginn bal op Null erof gesat, anstatt erop.
- 2) Ausländer, déi 8 Joer hei wunnen, brauchen kee Sproochentest ze maachen an kréien esou d'Nationalitéit ouni een Wuert Lëtzebuergesch ze schwätzen.
- 3) Partner müssen iwwerhaupt keen Lëtzebuergesch méi schwätzen kënnen.
- 4) d'Kanner, déi ni a Lëtzebuergesch Schoulen waren, kënnen Lëtzebuerger ginn, ouni Lëtzebuergesch ze schwätzen.

Et muss een leider vun engem engem Bradéieren vun der Lëtzebuerger Nationalitéit schwätzen. Dat entsprécht absolut net dem Wëllen vun de Wieler, déi fir eng kloer Verbindung Wahlrecht-Nationalitéit-Sprooch sinn.

Mir sinn dofir, fir eis auslännesch Matbierger ze motivéieren fir eis Sprooch ze léieren an se dobäi ze ënnerstëtzen. Dofir muss d'Lëtzebuerger Sprooch nees vill méi präsent sinn am Alldag. Dann kënnen si och d'Nationalitéit an d'Wahlrecht kréien, wann se dann den Effort maachen. D'Lëtzebuerger Sprooch ass déi gemeinsam Sprooch vun alle Lëtzebuerger an duerfir essentiell fir eng voll Integratioun.